

PL 6327 relatif aux titres dématérialisés
Gilles Roth

Haerr President,
Dir Dammen an Dir Haerren,

Mat dem Gesetzesprojet 6327 moderniséieren mir eist nationalt Recht iwwert d'Wertpabeieren.

Lëtzebuerger Kapitalgesellschaften kréien konkret d'Méiglechkeet fir Titren, also hier Aktien ënnert enger dematerialiséierter Form auszustellen. D'Rechter vun den Investisseuren ginn dobäi geschützt.

Eischt Fro : *Wat ass eigentlech een Titre dématérialisé ?*

Een sougenannten Titre dematerialisé ass een Titre deen ausschlieslech duerch eng Aschreiwung an engem Kont erstallt an och spéider duergestallt gëtt.

Mir schafen heimat niewent denen klasseschen Titres nominatifs an den Titres au porteur carrément eng drëtten Kategorie vun Titren.

Den Zweck dovunnen ass eng vereinfacht an méi efficace Verwaltung vun den Titren duerch eis Fongenindustrie an eis Banken.

De Risiko vun Iertuemer- deen bei enger physescher Manipulatioun vun Titres nominatifs oder vun Titres au porteur ëmmer besteht-gëtt reduzéiert.

Natierlech ginn mat der Dematerialisatioun och Fraisen fir d'Garde respektiv den Transfert vun den Titren erof.

Dësen Gesetzesprojet steet demno och am Zechen vun der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz.

Eis Nopeschlaenner kennen d'Dematerialisatioun vun den Titren schons méi laang. D'Fransousen zanter 1981, an d'Belsch zanter 1995.

De Gesetzesprojet inspiréiert sech och um belschen Legislatueur : an demno stellen déi sougenannt Titres dématérialisés formell eng drëtten Kategorie vun Titren duer, getrennt vun den Titres nominatifs an den Titres au porteur.

Zweeten Fro : *Dir kënnst soen, dat doten ass awer näischt Neits well meng Titren stinn schons elo an engem sougenanntem compte- titres.*

Do gëtt et een subtilen Ennerscheid. Et handelt sech hei an der Regel em klassesch Titres au porteur , déi als solch ennert materieller Form usgestallt goufen- mee wou just duerno d'Inscriptioun am Kont dematerialiséiert ass.

Abee mat der neier Kategorie vun Titres dématérialisés geschitt och d'Emissioun vun den Titren duerch eng Aschreiwung an engem Kont.

Bis elo waren eigentlech just Staatspabeieren-esou den Emprunt aus dem Joër 2002- ënnert enger dematerialiséierter Form erausgi ginn, ouni dass awer dofir eng spezifesch Regelung bestanen huet.

Drëtten Fro : *Wien kann esou een Titre dématérialisé ausstellen ?*

Konkret kënnen dat lëtzebuerger Kapitalgesellschaften wéi eng société anonyme, eng Kommanditgesellschaft, mee och Investmentfongen wéi Sicav, een fonds commun de placement,eng Ttitrisatiounsgesellschaft.

Véierten Fro : *Wat sinn dei praktesch Ufuerderungen fir esou titres dématérialisés auszustellen ?*

D'Statuten vun der Handelsgesellschaft müssen dat ausdrécklech vir gesinn. Dës Titren müssen bei engem sougenanntem Organisme de liquidation ageschriwwen ginn.

Dat heescht konkret een Operateur deen vun der CSSF extra agréiert ass fir een sougenanntem Compte d'émission mat allen Titren vun der Gesellschaft ze féieren. Dës Funktioun iwwerhëlt an der Regel eng Bank.

Den Numm an d'Adresse vun dësem Operateur mussen och duerch d'Zeitung an Internet bekannt gemach ginn.

Fënnëften Fro : *Wéi ginn dës sougenannten Titre dématérialisés dann verkaft oder iwermëttlet ?*

Mee dat geschitt ganz einfach iwwert een Virement vun Compte zu Compte. An dem selwëschten Sënn gesäit den Gesetzesprojet och ausdrécklech vir, dass een sougenannten don manuel-eng vereinfacht Form vun enger Schenkung duerch een Virement vun Compte zu Compte kann gemach ginn.

Séchstes Fro : *Wat geschitt dann elo mat den bestehenden Aktien vun Handelsgesellschaften déi decidéieren nëmmen méi Titres dématérialisés ze hun ?*

Mee éischtens mussen d'Statuten vun der betreffener Gesellschaft dat dann emol ausdrécklech virgesinn. Dat heescht et muss zu enger Statutenaennerung kommen.

Dann ginn all Titren déi am Emlaf sinn- op se au porteur oder nominativ sinn -an déi vun hieren Titulaires presentéiert ginn an Titres dematérialisés emgewandelt. Déi aal Titren ginn dobäi zerstéiert.

Hei kënn et zu enger sougenannter Conversioun.

Den Titulaire vun den Aktien huet awer nëmmen 2 Joër Zäit fir dës Conversioun ze froen. Duerno sinn d'Stëmmrechter vun den Titren suspendéiert.

Bréngt den Titulaire vun den Aktien dës nët bannent 8 Joër fir emgewandelt ze ginn, dann kann d'Gesellschaft dës Titren verkafen an den Verkaufspräis consignéieren.

Dat sinn natierlech drastesch Moossnahmen- mee de praktëschen Sënn dovunner ass- wann eng Assemblée générale vun der Gesellschaft

d'Emwandlung vun den Titren decidéiert huet, dass dëst nët endlos kann blockéiert ginn.

Haerr Präsident,

Dëst ass een typeschen Finanzprojet. Komplex an technesch an der Matière. Mee d'Implikatioun fir eis Finanzplaz ass substantiel. Bis dass esou een Projet zur Ofstëmmung kënn sinn op Verwaltungsniveau -an Concertatioun mat den Fachleit aus dem Sektor- onzaehleg Virarbechten gelescht ginn.

Ech wëllt als Rapportier vun dësem Gesetzesprojet all denen Leit Merci soen.

Et gëtt zwar ëmmer gesot –vun Affekoten, Leit aus de Fiduciairen, den Banken- dass déi jo och een Eegenintressi drun hun fir mat der Verwaltung bei der Ausarbechtung vun esou Projeten matzeschaffen, well se herno och domat Suen verdéngen.

Dat ass nët ganz falsch. Mee och den Staat-an domat mir all-profitéieren letztendlech vun esou Innovatiounen, déi een op legislativem Plang ganz sécher nët einfach aus der Hand rëselt.

Haerr President,

Ech verweisen fir de Rescht op mäin schrëftlechen Bericht.

D'Finanzkommissioun recommandéiert eestëmmeg dësen Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV Fraktioun.